PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 13/03/2023

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Finanzen weiderzeleeden.

De Conseil économique et social huet den 18te Januar 2022 eng Analyse vun de Steieren zu Lëtzebuerg verëffentlecht (ANALYSE DES DONNEES FISCALES AU LUXEMBOURG 2021).

Op der Säit 101 vum Avis ass den Tableau n°33 opgefouert mam Titel *"Distribution des ménages selon les classes de revenu imposable et des impôts payés de l'année d'imposition 2018".* Den Tableau weist, wéi vill Akommessteier d'Stéit an deene verschiddene Steier- an Akommesklassen am Joer 2018 bezuelt hunn.

An deem Tableau ass z'erkennen, dass déi Stéit hei am Land, déi een Akommes tëschent 0 an 10000€ hunn, insgesamt 1.206.644,21€ u Steieren un de Staat bezuelt hätten. Nom aktuelle Barème bezilt een awer eréischt ab 11450€ an der Steierklass 1 Steieren.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Huet de Finanzministère ee méi rezenten Tableau wéi dee vun 2018 a kann deen an der Äntwert op dës Fro präsentéiert ginn?
2. Kann de Finanzministère den nämmlechten Tableau op Tranchë vun 1000€ opschlësselen bis zu engem Akommes vun 20000€ ?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten